



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **26 AOUT 2021**  
Réf. QP-110/21

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°4779 « Harcèlement sexuel » du 30 juillet 2021 de l'honorable Députée  
Françoise HETTO

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Sam TANSON  
Ministre de la Justice



**Réponse de Madame Sam TANSON, Ministre de la Justice,  
à la question parlementaire n° 4779 du 30 juillet 2021 de l'honorable députée  
Françoise HETTO**

**Ass d'Madamm Ministesch der Meenung datt dat aktuell Strofmooss bei sexuellem Mëssbrauch streng genuch ass ?**

Opgrond vun der Gravitéit vun de Strofdoten, wäerten um legislative Niveau d'Strofen am Fall vu sexuellem Mëssbrauch verstärkt ginn.

**Gedenkt d'Madamm Ministesch um penale Plang Adaptatioune vir ze huelen, fir d'Strofmooss bei sexuellem Mëssbrauch méi streng ze maachen ?**

**Wa jo, wat genau ass virgesinn ?**

Jo, d'Strofen am Fall vu sexuellem Mëssbrauch gi verstärkt.

Aktuell gëtt un engem Projet geschafft, dee net nëmmen d'Strofmooss ännert, mee och nei Strofdoten am Code pénal schaaft. Folgend Ännerunge ginn dobäi virgeholl:

1. Et gëtt an dësem Projet eng onofhängeg Strofdot vum Inzest geschafft, wou d'Strofmooss nach emol wéi héich ass wéi an all deenen anere Fäll vu sexueller Gewalt. Mam Gesetzesprojet ginn also 2 separat nei Artikele geschafft, déi den „viol/attentat à la pudeur incestueux“ bestrofen.
2. Den Inzest gëtt kloer definéiert, souwuel am Kader vum Attentat à la pudeur wéi och vum Viol.
3. D'Notioun vum Attentat à la pudeur a vu Viol, esou wéi se aktuell an den Artikelen 372 an 375 vum Code pénal stinn, gi kloer definéiert fir dat esou mann wéi méiglech Interpretatiounsbedarf besteet.
4. Verschidde Strofdote géintwiewer Mannerjäreger gi verschäerft, andeems den Alter vun der Victime als Circonstance aggravante eropgesat gëtt a sech doropshi méi streng Strofen op den Auteur applizéieren.
5. Ausserdeem kann nach präziséiert ginn, dat d'Verjærungsfriste fir verschidde sexuell lwwergrëffer ob Mannerjäreger no uewen ajustéiert ginn jee no Strofdot.